DJUNA BERNARD
DEPUTÉIERT

D'Djuna Bernard (Joergang 1992) ass eng lëtzebuergesch Politikerin vun déi gréng. Si ass zanter 2018 Deputéiert, Vizepresidentin vun der Chamber a Presidentin vun der Kulturkommissioun. Zanter 2019 ass si och Co-Presidentin vun déi gréng. D'Djuna Bernard ass liéiert a wunnt zu Mamer.

No hire Studien an der europäescher Geschicht an am Non-Profit Management and Governance huet si als Coordinatrice vum Benevolat beim Roude Kräiz geschafft a war Direktesch fir de Jugendberäich bei der „elisabeth", dat bis si hiert Mandat als Deputéiert ugetrueden ass.

Vun 2016 bis 2018 war d'Djuna Bernard Presidentin vum Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendorganisatiounen (CGJL). Schonn zanter hire ganz jonke Jore war si bei de Scouten (FNEL) op nationalem ewéi och internationalem Plang engagéiert. Zanter 2018 ass si och Presidentin vum Interparlamentaresche Scoutsgrupp.

Der Djuna Bernard hir politesch Schwéierpunkte si Kultur, Educatioun, Kanner a Jugend, an Integratioun.

CONTACT

Djuna Bernard
Députée
4, rue du St. Esprit
L-1475 Luxembourg
dbernard@chd.lu
(+352) 46 37 40-1

Parlamentaresch Kommissiounen

- **Kultur (Presidentin)**
- **Educatioun, Kanner, Jugend, Héichschoul a Fuerschung (Vizepresidentin)**
- **Chambersbüro (Vizepresidentin)**
- **Digitaliséierung, Medien a Kommunikatioun**
- **Famill an Integratioun**
- **Vérification des pouvoirs**
- **Baussepolitik, europäesch Ugeleeënheeten, Kooperatioun, Immigratioun an Asyl**
- **Reglement**
- **Aarbecht a sozial Sécherheet**

Parlamentaresch Delegatiounen

- **Interparlamentaresche Scoutsgrupp (Presidentin)**
- **Union Interparlementaire**
- **Assemblée Interparlementaire Benelux (Suppléante)**

Weider Mandater a Funktiounen

- **Vizepresidentin vun der Chamber**
- **Co-Presidentin vun déi gréng**